N° 5083
Reçue le 10.11.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Här Romain Schneider, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5083 vum 11. Oktober 2021 vum éierbaren Deputéierten Här Jeff Engelen

1) **Wéi gedenkt den Här Minister op dës Situation ze reagéieren? Ass geplangt, de Bauere finanziell ënner d'Äerem ze gräifen?**
2) **Sinn op EU-Niveau Mesurë geplangt, fir de Baueren ze hëllefen?**

D'Hausse vun de Produktiounskäschten en general a vun den Düngemëttel am speziellen ass um leschte Conseil vun den Agrarministeren thematiséiert ginn.

Och zu Lëtzebuerg weisen eis Statistiken eng drastesch Erhéijung vun de Präisser bei den Düngemëttel, wéi een hei drënner am Tableau gesäit.

Vierteljährliche Agrarpreisindizes 2021 (2015=100)



Source: Service d'économie rurale

Am Moment si keng speziell Mesurë virgesinn, sief et um europäesche Plang oder um nationalen Niveau. Meng Servicer wäerten d'Situatioun awer am Detail suivéieren, an och d'EU-Kommissioun huet versprach fir en prezise Monitoring vun der Maartsituatioun ze maachen.

Am Kader vun der europäescher Agrarpolitik ass et awer net méiglech fir Intrant'en wéi Düngemëttel direkt ze subventionéieren. En Virdeel fir d'Betriber hei am Land ass, datt fir d'Intrant'en den Taux super réduit gelt, do och fir d'Düngemëttelen.

3) **Wéi gesäit den Här Minister an dësem Kontext d'Situation an d'Roll vum Logistik-Secteur hei zu Lëtzebuerg?**

D'Logistik huet natierlech notamment mat der Erhéigung vun den Dieselpräisser ze kämpfen. Wéi eng Auswierkungen dat direkt op de Verkafspräis vun den Düngemëttel huet, ass awer net genau ze beleeën.

Luxembourg, le 10 novembre 2021

Le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

(s.) Romain Schneider